

Broschür 27 – fréier & hott

Am Heft 27 vun eiser Rei „fréier & hott“ erziele mir memorabel Momenter am Kopleschter Futtball, mir stellen den Haff um Kléngelbuer vir, mir begleeten eng Famill aus Ungarn op Lëtzebuerg, trëppelen dono d'Mierscherstrooss of a ginn um Enn op d'Geschicht vum Kopleschter „Monument aux Morts“ an.

Dir kënnt dës Nummer fir 15 € op contact@koplescht-bridel.lu bestellen.



A.s.b.l. Koplescht – fréier an hott

Eise Veräin gouf 2008 mam Zil gegrënnt, d'Vergaangenheet vun den zwou Uertschafte Koplescht a Bridel an hirer Ëmgéigend z'exploréieren an ze dokumentéieren.

Mir presentéieren d'Resultater vun eise Recherchen dem groussen Public ënner Form vu Broschüren, duerch Ausstellungen, bei Trëppeltier duerch eis Gemeng an der Ëmgéigend ...

Eis Publikatiounen

Zweemol am Joer gi mir d'Broschür „fréier & hott“ eraus, déi mat ville Fotoen an Illustratiounen eis Aarbecht dokumentéiert.

Doran dauche mir an d'Geschicht vun eiser Gemeng an, stelle Kopleschter Originaler vir a weisen op interessant Ecker an der Natur vun hott hin. D'Artikele si meeschtens op däitsch oder lëtzebuergesch, heiansdo och op franséisch.

Member ginn

En Abonnement kascht 25 € a gëllt fir ee Joer; doran abegraff sinn zwou Broschüren, eng am Fréijoer an eng zweet am Hierscht. Dir sidd dann och Member vun eiser A.s.b.l. a gitt reegelméisseg iwwer eis Aktivitéiten informéiert.

Weider Informatiounen

www.koplescht-bridel.lu
contact@koplescht-bridel.lu
BCEE LU88 0019 2855 8554 5000

Koplescht
fréier & hott

Trëppeltour


ronderëm Ansebuerg
19. Juni 2022



Une randonnée organisée par
Koplescht – fréier an hott

Koplescht
fréier & hott

D'A.s.b.l. „Koplescht – fréier an hott“ invitéiert op een Tréppeltour ronderëm Ansebuerg



Rendez-vous ass **Sonndes, den 19. Juni um 14.30 Auer** virum Klaushaff.

Wou geet et hin?

Den traditionellen Fréijoorsausflug féiert eis dëst Joer an d'Géigend vum Märjendall an op Ansebuerg.

Vum Klaushaff aus trëppele mir laanscht eng Fliehbueg bis op d'Reiterlee, vu wou mir op dat fréiert Klouschter am Märjendall kucken. Dono gi mir hannescht fir mam Auto virun d'Ansebuenger Schloss ze fueren. Do maache mir zum Schluss een Tour duerch d'Gäert vum Schloss.



© Administration du Cadastre et de la Topographie Luxembourg (ACT), Autorisation de publication du 17/2/2015

Wou ass de Rendez-vous?

Wann Dir mam Auto vum Katrewang iwwer Keespelt Richtung Schëndels fuert, gesidd Dir virun der Descente op Schëndels op der lénker Säit ee Schëld „Klaushaff“. Fuert do eran a parkt op der Säit vum Wee.

Gutt ze wëssen

Jiddereen, egal ob Member oder net, ass häerzlech wëllkomm. Dir braucht iech net am Virus unzemellen.

Den Tour dauert ca. 2,5 Stonnen. Ditt Schong un fir an de Bësch.

